



Dépôt: CLEMENT Sven

Debat zur Lag vun der Natioun

Lëtzebuerg, den 12/10/2022

5


## Motioun

### D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- Am Koalitiounsaccord vun der aktueller Regierung ass virgesinn, dass Lëtzebuerg eng Steuerreform soll kréien, déi d'Persounen onofhängeg vun hirer Liewenssituatioun soll besteieren;
- Aktuell ginn Elengerzéiender an der Steuerclass 1a besteiert, déi par Rapport zur Steuerclass 2 defavorabel ass;
- D'Zuelen aus dem Panorama Social 2022 vun der CSL a vill aner Etüde weisen, dass d'elengerzéiend Elteren nach ëmmer eng vun de Gruppen hei am Land sinn, déi dem Aarmutsrisiko am meeschten ausgesat sinn;
- D'Finanzministesch huet an hirer Ried zum Budget 2023 ugekënnegt, dass de Steierkredit fir elengerzéiend Elteren (CIM) soll erhéicht a vu méi Elengerzéiende kënne beusprocht ginn;
- Den CIM muss explizitt vum Steierzueler beim Dépôt vu senger Steiererklärung ugefrot ginn a vill Persoune wëssen net wéi dat geet oder wëssen net mol, dass et den CIM iwwerhaapt gëtt.

### Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. eng Léisung auszeschaffen, déi et erméiglecht, fir den elengerzéiende Steierzueler de Montant vum CIM automatesch ofzehalen oder auszebezuelen an dëst pro Mount an ouni mussen eng Demande dofir ze maachen.

  
S CLEMENT

